ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Vum 1. Mäerz u gëtt den Adapto-Service gratis ugebueden. Et ass och nei, datt déi betraffe Leit, fir den Adapto kënnen ze benotzen, hir Demande ënner anerem och iwwer Telefon bei der Mobilitéitszentral stelle kënnen. Mir ass awer zougedroe ginn, datt et schwéier ass, um Telefon een ze erreechen, well dacks keen ophieft. Dëst ass fir déi betraffe Leit immens schwiereg.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hu virun der Reform bei der Mobilitéitszentral geschafft?
2. Wéi vill Leit schaffen elo nom 1. Mäerz do?
3. Ass virgesinn, fir hei zousätzlecht Personal anzestellen an a wat fir engem Zäitraum?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten